eng KLACK fir eis SPROOCH
31. Joer
Nr. 309

ACTIOUN LËTZEBUERGESCH
EIS SPROOCH


20, Conter-Strooss – L-5955 Izeg
Tel. 47 06 12
E-Mail: actioun@letzebuergesch.lu
lexroth@pt.lu
http://www.actioun-letzebuergesch.lu

Cotisatioun: 20 €
CCPL LU75 1111 0066 4448 0000
BCEE LU52 0019 1000 7250 4000

**Comité a Redaktioun:**
**Eise Bureau:** Claude Bache (President a Caissier), Patrick Kaell (Sekretär), Lex Roth (Vizepresident a Redakter)
**Utilité publique: Nº F53 61**
**Nächst Klack (Nr. 310): Samschdes, de 5. Abrëll 2025**

# Eis Sprooch fir 'Auslänner'

vum Lex Roth



Wann dir a Frankräich oder England gitt a kee Franséisch oder Englesch kënnt, da gitt dir schaufel drun ... well déi allermeescht vun ‚hinne' soss näischt drop hu wéi d'Sprooch vun do.

Kommen si bei äis, dann ass dat eng Saach, wéi si se soss néierens fannen. **Mir ‚quatsche' jo bal mat jidderengem egal a wat fir enger Sprooch**. Dat ass natierlech kamoud, ower sou kritt eis Sprooch bei hinne keng Chance. Stellt iech emol sou eng Situatioun zu Berlin oder Manchester vir; do kommt dir op kee gréngen Hallem. Praxis ass nun en ‚aneren Drot' sot de Michel Rodange. Mä et kënnt nach ‚besser': Sëtzen eng Partie Leit bei enger Geleeënheet hei beieneen, an och nëmmen een Auslänner dobäi ... da schalte mir d'meescht op deem seng Sprooch; **dat ass zwar manéierlech, ower eng sympatesch Katastrophelchen.** Fir äis brauch an Däitschland, Frankräich oder England keen de Sproochknäppchen ëmzedréinen. Dat kënnt jo souwisou net fir Lëtzebuergesch a Fro, mä e Fransous an Däitschland, oder ëmgedréint, dee gëtt iwwel drun ... mir net. ☺

Dir kënnt elo vläicht äntweren, d'Lëtzebuergescht hätt an deene Situatioune jo och näischt ze radetten; dat ka stëmmen, ower net hei am Land. Dräimol däerft dir roden, wien dann elo am Fong Pech bei all deene Geleeënheeten huet ... mir net!

Natierlech läit d'Saach anescht, wann een duerno kuckt, ob den Auslänner just kuerz hei am Land ass, oder ob hien hei mat ‚Kand a Kënn' wunnt a lieft. Dann ass et garantéiert **net dat Gielt vum Ee, wa mir hie systematesch an senger Sprooch urieden**, aplaz wéinstens e puer Wierder/Sätz Lëtzebuergesch mat him ze schwätzen.

Nach eng aner Iwwerleeung: Mir kennen alleguer deer ‚enger' an deer ‚anerer'; deer, déi ‚wëllen' an deer, fir déi hei d'Sprooch vum Land jo nëmmen e fuddelegen ‚Dialekt' ass. **Datt eis Sprooch zënter 40 Joer am Gesetz steet an haut an der Verfassung/Constitutioun, ass bei Ville leider net gewosst**, ower mengerwärreg kee schlecht Argument fir déi iwwerzeegen ze hëllefen, déi net zevill rabbelkäppeg sinn. Ass dat net de Fall, da muss een ‚de Mupp nun emol lafe loossen'.

Eng Fro, déi bei auslännesche Leit nawell dacks erëmkënnt: ob et dann och eng Literatur a soss Geschriwent am Lëtzebuergesche gëtt? Do hu mir **an de leschte 50 Joer esouvill opweises, wéi een et ni gedreemt hätt**, anzwar an alle Formen: Märchebicher, Fabelen, Billergeschichten (iwwersatener an originaler), Iwwersetzunge vu bekannte Bicher aus dem Däitschen, Franséischen, Engleschen; reieweis Romane vun zolitter Qualitéit; net ze vergiessen: eist Chamberbliedchen!. Dat huet e knapps an engem aneren Idiom ... fir emol net zevill héich gestelzt vun eiser klenger, waarmer Heemechtssprooch ze schwätzen; dat am Sënn vun deem, wat ee vun de weltbeschte Linguisten, de Claude Hagège, emol gesot huet: *Tout ce qui est parlé/écrit est un idiome, même quand on parle de langue*. Och dat ass gutt fir bei engem auslännesche Frënd ze ënnersträichen!

Denkt och emol driwwer no, watfir en ‚Impakt' all déi ‚kleng Saachen' hunn, déi mir haut bei Uertschafts- a Stroossennimm, kuerzen offiziellen Texter a Reklammen hunn ... dat alles Elementer, déi och engem Auslänner an d'Gickelcher ginn ... a wou vru 50 Joer keen dru geduecht huet ... ower d'Actioun-Lëtzebuergesch zesoen ëmmer ‚dohannert' war.




*Eist Chamberblietchen*

# Vläicht emol e bësse Geschicht

*An de Statute vun eiser AL steet, datt si fir alles do ass, wat lëtzebuergesch ass, natierlech och fir eis Geschicht. Dobäi gehéiert och d'Fro, firwat mir d'Kanner am Ufank vum Lycée mat de Griechen, de Réimer an den Egypter këddelen, mat deene si roseweineg unzefänke wëssen ... jo, mä, ower...*

Nom ‚Mëttelalter' läit d'Vergaangenheet vun eisem Këppche Land **zimlech an der Mëtt vun deem, wat an dësem Deel vun Europa ‚gedréint' huet**.

‚Si haten äis' praktesh alleguer; bis 1815, um ‚*Wiener Kongress*', no der Napoleonszäit, den Oranier an holännesche Kinnek Willem I Lëtzebuerg souzesoen als Auerketten an de ‚Broostlobseekelche' gestach krut, fir datt hien zu Frankfurt bei deenen ‚Décken' och eng kleng Roll kënnt spillen.

**Den Detail vun de 600 Joer virdrun** ass ower glat net onintressant, z.B. mat 4 Keesere vum ‚*Heiligen Römischen Reich Deutscher Nation*' ... et ass also net verwonnerlech, datt Lëtzebuerg bis an d'Zäit vun der EU eran **eng zimlech eege Roll um Wutz vum Eurasiatesche Kontinent** spillt.

Ganz intresant ass jo och, datt mir **bei den éischte Schreiwerte an eiser Sprooch** zesoen nëmmen ‚Intellektueller' fannen: Meyer, Dicks, Lentz, Rodange, Thyes ... deemno Leit, déi méi **wäit gekuckt a gesin hu wéi bis am Noper seng Porettekautsch**. Ass et bis haut dann net bal dselwecht mam Schrëftsteller-Lëtzebuergesch? Emol dovun ofgesin, datt ‚mir' den **Nazifatzerten 1941** mat eiser Sprooch ënner greisster Gefor eng ‚geklaakt' hunn ... och wann et duerno 43 laanger Joere gedauert huet, bis d'Lëtzebuergescht iwwer Gesetz eis Nationalsprooch guff ... haut fielsefest an eiser Staats-Constitutioun/Verfassung verankert ass ... wat alles iwregens ouni **d'Dirängele vun eiser Actioun-Lëtzebuergesch** knapps denkbar wier. Ok: Schon erëm dees Gemierwels iwwer eis offiziell Sprooch ... mä **et gëtt dach esou Munneches gär vergiess** ... an ee Gléck als selbstverständlech gekuckt, gelldir. Also gëtt heinsdo dorun erënnert.

# Märssi filmols

Do laacht dir? Mä no deem, wat e gudden a langjäerege Frënd vun der AL äis ganz manéierlech schreift, wier **‚Sükssä' orthograpesch grad esou richteg am Lëtzebuergesche wéi ‚succès'**. Hien huet Relatiounen an Estland a behaapt, do wier et ‚egal' wéi ee wat schreift ... och d'Englescht an d'Franséischt an d'Däitscht??? ... dat kafe mir dem Dikrecher Här Klares ower net esou mirnäischtdirnäischt of!

Alt emol nach eng Kéier: Wa jiddereen seng perséinlech Schreifweis knätzelt, **da liest dach keen deem aneren seng**, well da misst jo jidderee bustawéieren; da léisst een d'Liese sinn; dat geet jo och **laanscht jidfer pädagogesche Verstand**.

Gewëss: Et ginn an all Orthographie Knuppe Kniet a Knätzelen, ower **‚normal' Käpp ginn domat spilles eens**. Mir kënnen net gleewen, datt et an Estland sou man pädagogescht Gefill an deem sympatheschen Noper vu Russland gëtt. Näischt fir ongutt.

# Hannelaanst

...heescht eng Stroos **offiziell zu Wolz**, déi praktesch paralell mat der ‚Groussgaass' leeft; da gëtt et do och nach de SCH---piedchen ... an et freet sech, firwat de ‚Burebeerig' esou franséisch muss vernannt ginn. **Deer gelungener Nimm fir Stroossen a Weeër ginn et am ganze Land**; si sinn oniwwersetzbar ‚Eises'. Dat ass mat de ‚Flouernimm' ze vergläichen, dacks dat Eelst, wat et an eiser Sprooch gëtt.

Hei misst e Grupp vun eisem ‚Zenter fir d'Lëtzebuerger Sprooch' sech zesumme mat de Gemengen deer Saach uechter d'Land unhuelen; vrun allem well de Kadaster **déi Zéngdausende stacklëtzebuergesch Flouer- a Stroossennimm** vun der AL zesumme mat hirem fréieren Direkter Patrice Schonkert geliwwert krut. Fir den Ament si gutt Aussiichten: Den Här Direkter am Kulturministère, Pierre Reding, huet d'Saach och elo zerguttst ugepaakt!

**Fir hei dann emol bei Wolz ze bleiwen:** Do steet haut en dichtegt Altersheem an enger ‚Kaul' hannert dem Burrewee, déi eng Wiss war; déi huet an der Zäit ‚Kouswiss' geheescht, ower net wéinst de Kéi, déi dra geidderzt hunn; do stong eng eenzel Eech mudderséilen eleng, also e ‚Kues', an dat guff dann d'Kueswiss. Mir hu ganz bestëmmt kéipweis deer origineller Flouernimm uechter d'Land, deer da leider vill verschwannen, wann drop gebaut gëtt. ..et gëtt ower Mëttelen (Reglementer), déi dat verhënnere kënnten.

Wann déi ‚folkloristesch' Nimm iwwer d'ganzt Ländche giffe gesammelt a publizéiert ginn, giff domat e Stéck **Geschicht festgeschriwwen ... an och fir d'Generatiounen no äis respektéiert!**

# Vum Prënz Hendrik bis haut...

Et schued der Saach glat näischt, wann een op d'mannst iwer déi 200 leschter Joere en Donst vun eiser Geschicht ‚drop' huet.

Wéi den Napoléon den éisträicheschen **Habsburger** hire ‚Wutz' Lëtzebuerg erofgschnidden hat, hunn d'**Fransousen** hei an hirem ‚*Département des Forêts*' gehaust; dat da bis 1815 d'**Haus Oranien-Nassau** mam Wëllem I. perséinlech den Duché kritt huet ... also **net Holland, zu deem mir ni gehéiert hunn!**

Dem Oranier Wëllem II. säi Jong (Wëllem III.) huet dann säi Brudder Hendrik an senger Plaz (Statthalter!) als Chef op Lëtzebuerg geschéckt. **Den 3. Wëllem ass gestuerwen an hat kee Jong;** seng Duechter Wilhelmina guff Kinnigin ... ower net Grande-Duchesse vu Lëtzebuerg, well fir dee Fall war 1783 en Iwwergoe vu Lëtzebuerg un d'**Weilburger Nassauer** festgeschriwwen ... woumat ‚mir' dann déi Dynastie kruten, déi och nach haut de Chef vum Land stellt, **zënter dem Ufank vum 20. Joerhonnert ower ‚*de Luxembourg*'** heescht. **D'Nofolleg ass haut prima ofgesëchert** ... a mir wënschen deem am Hierscht neie Grand-Duc Willy/Guillaume an senger jonker Famill dofir elo well dat Allerbescht.

# Alphabetiséierung

Firwat musse mir un alles kniwelen, rëselen an zerplécke goen, **wat bis elo net esou schlecht fonktionnéiert huet**. Well mir méi ‚auslänneg' Kanner an der Grondschoul hunn? Dat stëmmt zwar, ower sinn déi dann **alleguer ‚frankophon'?** A wéi huet sech da mat deenen ‚Aneren' hiren Aen an Oueren op déi eenzel Bustawen aus dem Alphabéit? En ‚Z' ass nun net emol iwwerall e ‚Zète' an esouguer en ‚A' am Englesche keen ‚A', grad ewéi e ‚Ka' e ‚Kéi' ka sinn, an d'Fonktiun vum ‚W' vu Sprooch zu Sprooch ännert. Huelt dach emol ‚Worchester Sauce' ... déi ‚Wuster' muss gelies ginn ... an da wëlle mir de Mécken d'Lais nach siche goen. ☺

Bis elo kann een nëmme kloer feststellen, datt eis Alphabetiséierungsgewunnecht glat keng esou katastrophal Saach gewiescht ass; déi **‚normal' Käpp si spilles mat allen anere ‚Bustawegesiichter' eens ginn** ... egal aus watfirenger Grondsprooch si komm sinn. Ass da wierklech alles besser, wat ‚anescht' ass?

## Eis Generalversammlung

***ass samschdes, den 19. Abrëll um 15 Auer zu MOUTFERT***

***am Festsall vum Jugendhaus***

**Maacht äre ‚Krop' op de Kalenner, wannechglift!**